N° 8251
Entrée le 23.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Wéi RTL-Lëtzebuerg an engem Artikel vum 22. August 2023 schreift, ginn Tunnelle Gousselerbierg a Grouft déi nächst Wochen nees temporär zougemaach. Vu Mëtt Juli bis Mëtt August war den Tunnel Gousselerbierg a Richtung Echangeur Luerenzweiler fir den Trafic zou. Zënter Mëtt August gëtt am Tube a Richtung Schëndels geschafft an de Verkéier leeft bidirektional a Richtung Luerenzweiler. Ausserdeem ass bis an den Agang vum Tunnel Grouft Tempo 50 an de ganze Chantier soll nach bis Mëtt September daueren. Dobäi kënnt, dass vun der Stad a Richtung Norden am Tunnel Grouft eng Temporeduzéierung vun 90 op 70 ass, obwuel do net geschafft gëtt. Elo huet de Ministère wësse gedoen, dass vum 28. August 2023 un nees Maintenance- a Botzaarbechten an diversen Tunnellen uechter d'Land sinn, dorënner ënner anerem d'Tunnelle Gousselerbierg, Grouft, Markusbierg, Péiteng a Biff. Den Tunnel Gousselerbierg, sou wéi eng Partie anerer wieren also op een Neits gespaart.

An dësem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

- Aus wéi enge Grënn gëtt an deenen Tunnelle wou aktuell Aarbechte stattfanne net vum Chantier, respektiv der Spärung profitéiert, fir anengems d'Maintenance- a Botzaarbechten ze maachen?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Diane Adehm**
Deputéiert

**Martine Hansen**
Co-Fraktiounspräsidentin

N°8251
Entrée le 04.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8251 vum 23. August 2023 vun der Madamm Deputéiert Diane Adehm an vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen.**

*Aus wéi enge Grënn gëtt an deenen Tunnelle wou aktuell Aarbechte stattfanne net vum Chantier, respektiv der Spärung profitéiert, fir anengems d'Maintenance- a Botzaarbechten ze maachen?*

D'Aarbechten am Tunnel Gousselerbierg waren Aarbechten déi iwwert de Kader vun den normale Maintenancen erausgaange sinn. D'Aarbechten si mëttlerweil ofgeschloss an hu vum 14. Juli bis den 12. September 2023 gedauert.

Parallel zu all deenen Aarbechten, déi wärend dëser Period gemaach goufen, ewéi och schonn a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 8236 vum Här Deputéierten André Bauler beschriwwen, gouf och vun der Spärung profitéiert fir d'Maintenance vum Tunnel Gousselerbierg, déi vum 11. bis den 12. September 2023 geplangt war, matzemaachen.

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch